N°801
Entrée le 28.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Fir d'Enquête « Vieillir en bonne santé » goufen eng ganz Partie Persounen iwwer 50 Joer zu Lëtzebuerg gebieden, e Froebou auszefëllen an en Deel vun de Participanten huet och weider Tester, wéi z. B. e Rich-Test gemaach. D'Zil vun der Etude ass et, méi Informatiounen ze gewannen, iwwert d'Risike fir neurodegenerativ Krankheeten ze entwéckelen. De Projet gouf organiséiert vum *Centre national d'excellence pour la recherche sur la maladie de Parkinson* (NCER-PD), an Zesummenaarbecht mat der *Uni.lu* an dem *Luxembourg Institute of Health*.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn un der Datenerhiewung deelgeholl?

2. Vill Persounen, déi un der Etude deelgeholl hunn, interesséieren sech fir d'Resultater, well si sech Suerge maachen, bei der Auswäertung kéint eng Opfällegkeet entdeckt ginn. Mat wéi engem Suivi kënnen d'Persounen, déi un der Etude deelgeholl hunn, rechnen?
    - Wäerte si forméiert ginn, wann hier Tester Hiweiser op en erhéichte Risiko fir eng Erkrankung geliwwert hunn?
    - Wäerte si informéiert ginn, wann hier Tester keng Hiweiser op en erhéichte Risiko fir eng Erkrankung geliwwert hunn?

3. Si weider Datenerhiewungsphase mat de Participante geplangt, fir ze suivéieren, wéi hire Gesondheetszoustand an de kommende Joren evaluéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

N°801
Entrée le 02.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 801 vum 28. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

Un der éischter Phas vun der Studie 'Healthy Brain Ageing' (HeBA), wat en Online-Questionnaire war, hunn 10.187 Leit deelgeholl. Baséierend op den Äntwerte vun dësem Online-Questionnaire kontaktéiert d'Studienteam aktuell en Deel vun de Participanten, fir hinnen e Gerochstest iwwer d'Post unzebidden. Dësen Test gëtt doheem duerchgefouert, an d'Participantë fëllen online Äntwerten op Froen iwwert verschidde Gerécher aus. Dës Studie gëtt parallel an Däitschland (Kassel), Éisträich (Innsbruck), a Spuenien (Barcelona) an zu Lëtzebuerg mam selwechte Questionnaire a Protokoll duerchgefouert. Eng Ënnergrupp vun de Participanten, déi warscheinlech entweder en héijen oder en niddrege Risiko fir eng neurodegenerativ Erkrankung hunn, an déi de Gerochstest ofgeschloss hunn, ginn duerno fir detailléiert klinesch Ënnersichungen an d'Fuerschungsklinik invitéiert.

Souwuel Participantë mat, laut dem aktuellen Fuerschungsstand viraussichtlech, héijem wéi och mat niddregem Risiko ginn invitéiert, an d'Invitatioun u sech bedeit net onbedéngt, datt e verstäerkte Risiko festgestallt gouf. All Participant, deen un der Studie deelgeholl huet, gouf iwwert verschidde Weeër informéiert, datt een als Participant keng Informatiounen iwwert säin individuelle Risikostatus kritt.

Zesummegefaasst kann ee soen, dass d'Participanten net iwwert hiren individuelle Risikostatus fir d'Entwécklung vun der Parkinson-Krankheet oder aner neurodegenerativ Konditiounen informéiert ginn. Den Zweck vun der Studie ass net fir individuell virauszesoen, ween eng neurodegenerativ Krankheet entwéckele wäert, mee fir d'Bewäertung vu bekannte Risikofacteure fir verschidden neurodegenerativ Krankheeten an enger Grupp vu Leit ze optimiséieren. D'Studie déngt Fuerschungszwecker a soll e Risikobewäertungssystem validéieren. Dohier kënnen d'Resultater net fir diagnostesch Zwecker benotzt ginn, an d'Deele vun de Resultater kéint zu Mëssinterpretatiounen oder onnéideger Angscht bei de Participantë féieren.

Den HeBA-Konsortium diskutéiert aktiv iwwert d'Méiglechkeet weider Phase vun Datenerhiewung duerchzeféieren, wann déi initial Analyse vun allen Daten (vun allen Participanten) verspriechend Resultater liwweren an eng zousätzlech Finanzéierung fir dëst Fuerschungsthema geséchert ka ginn. D'HeBA-Studie gesäit vir, d'Participanten erëm ze kontaktéieren, natierlech nëmme wa se hir Zoustëmmung ginn hunn, fir un zousätzlechen Datenerhiewungen an der Zukunft deelzehuelen. D'Zil wier et, d'Ännerunge vun individuelle Risikofacteure mat der Zäit ze iwwerwaachen. D'Participantë goufen iwwert potenziell zukünfteg Noënnersichunge via den elektroneschen Zoustëmmungsformulaire informéiert.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez